N°838
Entrée le 08.07.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse commune de Monsieur le ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, de Madame la ministre de la Mobilité et des Travaux publics, Yuriko Backes, et de Monsieur le ministre de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité, Serge Wilmes, à la question parlementaire n°838 du 3 juin 2024 de Monsieur le député Mars Di Bartolomeo au sujet des primes dans le cadre de la mobilité électrique**

Déi genannten Etüd ass ofgeschloss a kann online consultéiert ginn.[1]

Éischt Erkenntnisser vun dëser Etüd haten derzou gefouert, datt am Abrëll 2023 an enger éischter Phas en Aidë Regime fir Betriber agefouert ginn ass, dee beim Kaf vun engem Null-Emissiouns-Camion (Kategorien N2 oder N3), jee no Gréisst vun der Entreprise, eng Subventioun vu 40% bis 60% vun der Käschtendifferenz mat engem konventionelle Gefier erméiglecht. [2]

De p*rojet de loi N°8386 ayant pour objet le renouvellement du régime d'aides à la protection de l'environnement et du climat* gesäit a sengem Artikel 6 Upassunge vun dësem Regime vir, mat méi favorabele Konditioune fir d'Entreprisen[3]. Dëst berout ënner anerem op der finaliséierter Etüd. Mam iwwerschaffte Regime wäerten Appels à projets gemaach ginn, fir bis zu 100% vun der Käschtendifferenz iwwert eng Subventioun ze decken. Dës Appels à projets wäerten sech och op emissiounsfräi Camionnetten oder Camionen (Kategorien N1, N2 an N3) bezéien.

Fir emissiounsfräi Busser a Baumaschinnen ass am Kader vun dësem Regime keng Hëllef virgesinn, well dës Gefierer ënner anerem iwwert ëffentlech Ausschreiwunge kënne gefërdert ginn.

Luxembourg, le 08/07/2024
Le Ministre de l'Économie, des
PME, de l'Énergie et du Tourisme
(s.) Lex Delles

[1] https://meco.gouvernement.lu/dam-assets/le-ministere/fonctions/energie/electromobilite/elec-energy-transition-in-luxembourgs-logistic-sector-report-wp1-wp2-v4.pdf

[2] Weider Detailer op Guichet.lu: https://guichet.public.lu/fr/entreprises/financement-aides/aides-environnement/vehicules-zero-emission/aide-vehicules-zero-emission.html

[3] De Projet an den aktuelle Stand vun der Procédure legislative kënnen op Legilux consultéiert ginn: https://legilux.public.lu/eli/etat/projet/pl/20240033